ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. September 2019

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Banneminister weiderzeleeden.

D'Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 verbitt et a sengem Artikel 20 engem Buergermeeschter oder Schäffen, un Deliberatiounen deelzehuelen, wou et ëm Dossiere geet, an deenen déi Persoun e perséinlechen Interessi hätt.

An der Press goufen a leschter Zäit Artikele publizéiert, déi, sollten se korrekt sinn, drop hindeiten, datt an enger Südgemeng e Buergermeeschter eventuell kéint an enger Situatioun vun esou engem Interessekonflikt sinn.

Dowéinst wollt ech d'Madame Banneminister froen:

1. Ass der Madame Minister e rezente Fall bekannt, an deem e Buergermeeschter u Reuniounen oder Decisioune matgewierkt hätt, an deenen hien e perséinlechen Interessi hätt? Wa jo, a wéi enger Gemeng? Wéi eng Decisioune wäre betraff?
2. Sollt dat de Fall sinn, wéi reagéiert d'Madame Banneminister op déi Situatioun, ënner anerem och am Hibléck op den Artikel 21 vum Gemengegesetz?
3. Gëtt et Jurisprudenzen an deem Beräich? Wa jo, kann d'Madame Minister der Chamber déi relevant Conclusioune matdeelen ?
4. Konnt d'Madame Minister Irregularitéiten oder Illegalitéiten am Fonctionnement vun engem Schäfferot feststellen a, wa jo, huet si iergendwellech Faiten un de Parquet viru ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**